Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

20.6.2020 Polizisten sollen d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn! mir ënnerstëtzen d'CGFP

20 **Jun** *2020*

(comments: 0)

Polizisten solle Lëtzebuerger sinn!

Mir ënnerstëtzen d'CGFP.

Den 19. Mee hunn Gambia & CSV an der Chamber ofgestëmmt, dass Auslänner sollen kënnen Polizist ginn.

Mir wëllen awer eng Police mat Leit, déi vun hei sinn, déi d'Land an d'Leit kennen.

Leit mat Lëtzebuerger Nationalitéit, déi mat dem Unhuelen vun der Nationalitéit bewisen hunn, dass si eist Land gären hunn a respektéieren, Léit, déi déi 3 Sprooche schwätzen a keng Méi gefaart hunn fir se ze léieren.

En Polizist ass schliisslech als Staatsbeamten direkt un der Ausübung vun der Souveränitéit vun Lëtzebuerg bedeelegt.

Den Artikel op RTL:

https://www.rtl.lu/news/national/a/1536522.html

Read more … 20.6.2020 Polizisten sollen d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn! mir ënnerstëtzen d'CGFP

22.5.2020 Gambia & CSV, Nee, mir wëllen keng Söldnerpolice, Mir wëllen Leit déi vun hei sinn, Meedercher an Jongen aus Lëtzebuerg

22 **May** *2020*

(comments: 0)

An der Chamber huet d'CSV den 19. Mee virgeschloen dass och Auslänner sollen kënnen Polizist ginn.

An d'Kiischt um Kuch: D'CSV huet och virgeschloen, dass een Auslänner kann Polizist ginn, deen mol net hei wunnt: Dëse kéint nämlech dann schonn no 3 Joer hei gewunnt ze hunn, d'Nationalitéit kréien amplaz vun 5 Joer Wunnzäit fir déi aner Auslänner.

Gambia huet iwwerglécklech matgestëmmt, en Geroch vun Revanche iwwert d'Néierlag beim Auslännerwahlrecht 2015 stoung an der Loft.

Si hunn zwar och gesot dass en Polizist d'Landessprooch an déi aner 2 Amtssproochen misst kënnen. Mä wat ass dat wäert wann mir wëssen, dass haut schonn vill Leit Lëtzebuerger ginn duerch ganzeinfach Sproochentester, an awer am reellen Liewen keen Saz Lëtzebuergesch schwätzen kënnen.
Gëtt hei wéi schonn beim Nationalitéitegesetz eis Sprooch bradéiert?

Wat fir Kandidaten sollen dat iwwerhaapt sinn, déi net Lëtzebuerger sinn, an awer déi 3 Sproochen gutt kënnen?
Kënnen dës Kandidaten net souwisou Lëtzebuerger ginn?
Wat soll dat Gesetz dann elo brëngen? Oder ass et wierklech esou geduecht, fir elo eng Dir op ze maachen an dann, a puer Joer, d'Sproocheklausel falen ze loossen?

Esou wéi virun kuerzem schonn d'Residenzklausel falen gelooss ginn ass? (dass en Polizist och huet missen zu Lëtzebuerg wunnen)
Wat fir en Niveau vum Lëtzebuergeschen gëtt hei verlaangt, wann et fäerdeg ass? "Moien an Äddi?"
Schonn an staatlechen Administratiounen lafen Staatsbeamten,déi quasi kee Lëtzebuergesch méi kënnen oder franséisch schwätzen.

"Vos papiers svp?" zu Lëtzebuerg?
De Polizeifunk an de Rettungsfunk net méi op Lëtzebuergesch?
Dann, wann dat kënnt dann wëssen mer definitiv wou mer drun sinn: dann ass eis Sprooch nach Folklor.

Ass et net och ganz einfach eng Fro vun nationaler Souveränitéit?
En Polizist ass schliisslech als Staatsbeamten direkt un der Ausübung vun der Souveränitéit bedeelegt.

Et gesäit dann och esou aus wéi wann et fir d'Regierung méi einfach ass e Gesetz ze maachen dass Léit aus Bulgarien, Rumänien, Lettland, Polen, Slowenien, Slowakei asw, bei d'Police kënne kommen, ewéi de Beruff fir déi, déi hei wunnen, attraktiv ze maachen.

Leit mat Lëtzebuerger Nationalitéit, déi mat dem Unhuelen vun der Nationalitéit bewisen hunn, dass si eist Land gären hunn a respektéieren, Léit, déi déi 3 Sprooche schwätzen a keng Méi gefaart hunn fir se ze léieren.

Dofir:
Fir d'éischt mat alle Mëttelen de Beruff vun der Police erëm attraktiv maachen, genau wéi eng Ausbildung an der Arméi!

Lëtzebuerger sinn och:
Mir hunn dausende jonk Aarbechtsloser, an dovun vill mat Migratiounshannergrond déi sech mat Erfolleg hei integréiert hunn, an och de Schoulsystem hei duerchlaaft hunn, a mir hunn d'Flicht eis ëm déi ze këmmeren!

- Mir bekëmmeren eis ëm déi!

Genau déi jonk Léit haten et oft schwéier an der Schoul, wéinst Sprooch a Kultur, sou dass der net wéineg ouni Ofschloss do stinn.
Bitt hinnen eng Ausbildung un, bei der Arméi z. B. , mee dofir muss een op den Terrain, op déi Jonk zougoen an all deenen, an et sinn der vill, déi keen Talent hunn fir eng akademesch Carrière. Gitt dohin, verkaaft hinnen är Offeren!
Aktiv bei de Client war nach ëmmer déi beschte Verkafsstrategie an net passiv hannert enger Théik.

Maacht de Beruff vun Polizist méi attraktiv!

Read more … 22.5.2020 Gambia & CSV, Nee, mir wëllen keng Söldnerpolice, Mir wëllen Leit déi vun hei sinn, Meedercher an Jongen aus Lëtzebuerg

10.5.2020 Mir gratuléieren! Vive de Prënz Charel!

10 **May** *2020*

(comments: 0)

Mir gratuléieren den Elteren an der ganzer groussherzoglecher Famill an wënschen dem Prënz Charel alles Guddes an eng glécklech Hand fir eist Vollek ze féieren.

Read more … 10.5.2020 Mir gratuléieren! Vive de Prënz Charel!

27.4.2020 Firwat schwätzt eis Groussherzogin Franséisch mat eis?

27 **Apr** *2020*

(comments: 0)

Firwat schwätzt eis Groussherzogin Franséisch mat eis?
Si kann dach gutt Lëtzebuergesch.

https://www.rtl.lu/lifestyle/news/a/1508390.html

Read more … 27.4.2020 Firwat schwätzt eis Groussherzogin Franséisch mat eis?

9.4.2020 Klibberen, en Deel Lëtzebuerger Kultur

09 **Apr** *2020*

(comments: 0)

Klibberen, en Deel Lëtzebuerger Kultur:

Op Gréngen Donneschden ginn d'Klacken op Roum beichten. Dann ginn d'Kanner moies, mëttes an owes, bis Karsamschden klibberen, fir d'Klacken ze ersetzen. Op Karsamschden ginn d'Kanner dann bei d'Leit schellen a kréien Eeër oder Suen. Si sangen dann: "Dik dik dak, dik dik dak, muer ass Ouschterdag! Sangt dann Halleluja!"

Leider gëtt et dësen Deel vun eiser Kultur, Geschicht an Identitéit ëmmer manner.

Dëst Joer fält d'klibberen op de Stroossen awer wéinst dem Corona aus.

Hoffentlech geet et awer nächst Joer weider an hoffentlech kann dës flott Traditioun sech och nach déi nächst 100 Joer erhalen.

Read more … 9.4.2020 Klibberen, en Deel Lëtzebuerger Kultur